

**Evangelium um Joresdag vun der Wei vun der Kathedral [29. August]
(Joer A - B - C)**

Mt 16,13-19

G. Den Här sief mat iech all.

A. An och mat lech.

G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.

A. Dir all Éier, Här.

- 13 Wéi de Jesus an d'Géigend vun Cäsarea Philippi koum,
huet hien seng Jünger gefrot:
"Fir wien halen d'Leit de Mënschejong?"
- 14 Si soten: "Déi eng fir de Johannes den Deefer,
anerer fir den Elias,
nees anerer fir de Jeremias oder soss ee vun de Prophéiten."
- 15 Hie sot zu hinnen: "An dir,
fir wien haalt dir mech?"
- 16 De Simon Péitrus huet geäntwert:
"Du bass de Christus,
de Jong vum liewege Gott!"
- 17 Dueropshi sot de Jesus zu him:
"Glécklech bass du, Simon, Jong vum Jonas,
well net Fleesch a Blut hunn dir dëst geoffenbaart,
ma mäi Papp am Himmel.
- 18 An ech soen dir:
Du bass de Péitrus,
an op dëse Fielsⁱ bauen ech meng Kierch,
an d'Paarte vun der Ënnerweltⁱⁱ ginn se net Meeschter!
- 19 Ech ginn dir d'Schlëssele vum Himmelräich;
dat, wat s du op der Äerd matenee verbënns,
ass och am Himmel matenee verbonnen,
an dat, wat s du op der Äerd vunenee lassléis,
ass och am Himmel vunenee lassgeléist."

G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.

A. Dech, Christus, luewe mir.

ⁱ Wuertspill; déi griichesch Wieder fir "Péitrus" a fir "Fiels" gläichen sech: "petros" a "petra".

ⁱⁱ Am Griicheschen: d'Paarte vum Hades.